N°4102
Entrée le 18.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.05.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Den 12. Mee 2026 gouf op engem Cyberkriminalitéitsforum eng Datebank mat iwwer 6.400 Enregistrementer veröffentlecht, déi dem franséische Grupp Thales zougeschriwwe gëtt. Thales ass net nëmmen ee weltwäite Leader am Beräich vun der Cybersécherheet, mee och ee strategesch kritesche Fournisseur fir d'NATO a fir zahlräich europäesch Arméien, mat enger grousser Presenz zu Lëtzebuerg duerch Thales Cyber Solutions Luxembourg S.A. (fréier Excellium Services). Dëst ass net den éischten Incident dëser Aart: 2022 hat d'LockBit-Grupp Thales attackéiert an ongeféier 9,5 GB u Donnéeë publizéiert, an 2024 huet en aneren Akteur Zougang zu Thales-bezunnenen Informatioune reklaméiert. D'Donnéeë weisen e Link zu LuxTrust-Ëmfelder, an d'Struktur enthält Informatioune iwwert Authentifikatiounssystemer, Benotzerrollen wéi „SIGNER", „WATCHER" an „GDPR", souwéi Referenzen zu internen Annuairen.

Thales spillt eng Roll am Lëtzebuerger Verdeedegungsökosystem: d'Lëtzebuerger Cyberverdeedegungsstrategie baséiert op der Zesummenaarbecht mat internationalen Technologiepartner, an d'Regierung huet sech verbessert Kapazitéiten am Cyberberäich als Prioritéit gesat. Wann Daten iwwert Authentifikatiounssystemer, Zougangsrollen a Permissiounen – selbst wann si net direkt militäresch sinn – op engem kriminelle Forum zirkuléieren, kënnen dës fir geziilt Phishing, „Social Engineering" oder weider Attacke benotzt ginn, déi och Persounen aus sécherheetsrelevante Beräicher betreffe kënnen. Virum Hannergrond, datt Lëtzebuerg seng Verteidegungsausgaben erhéije wëll an d'Cyberverdeedegung als strategesche Pilier identifizéiert huet, stellt sech d'Fro no der Evaluatioun vun esou Incidenter fir eis national Sécherheet.

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch iwwer dësen Dateleak bei Thales informéiert ginn, a gouf eng Evaluatioun vun de potenzielle Risiken fir d'Lëtzebuerger Verdeedegung an national Sécherheet duerchgefouert?
2. Benotzt d'Lëtzebuerger Arméi oder d'Directioun vun der Verdeedegung Produkter oder Servicer vu Thales? Wa jo, wéi eng, a gëtt et Indicatiounen, datt Daten aus dëse Systemer vun dësem Leak betraff kéinte sinn?
3. Gëtt et Prozedure fir ze evaluéieren, ob Lëtzebuerger Militär- oder Sécherheetspersonal an de kompromittéierten Donnéeë figuréiere kéinten, zum Beispill iwwer hir Benotzung vu LuxTrust-Servicer am beruffleche Kontext?
4. Wéi eng Mesurë sinn a Plaz, fir d'Supply-Chain-Sécherheet bei Fournisseure wéi Thales z'iwwerwaachen, déi strategesch wichteg fir d'NATO a fir Lëtzebuerg sinn, besonnesch no widderhuelten Incidenter (LockBit 2022, Leak 2024, a lo erëm 2026)?
5. Gëtt et eng Zesummenaarbecht mat der NATO respektiv mat alliéierte Partnernatiounen, fir d'Auswierkunge vun dësem Leak op gemeinsam Infrastrukturen, Kommunikatiounssystemer oder gedeelt Projeten ze evaluéieren?
6. Ass d'Ministesch der Meenung, datt déi opgetauchte Sécherheetsproblemer bei Thales Konsequenze fir zukünfteg Ausschreiwungen oder Kooperatioune mat dësem Fournisseur mussen hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten